# Mit ausrangierten Kleidern viel Gutes bewirken

## Jeunes Mamans verteilen Erlös des Secondhandshops an sechs Hilfsorganisationen



*Mehr als 25 000 Euro vermochten die Jeunes Mamans zu spenden.* Foto: Charles Reiser

**Mersch.** 25 350 Euro aus dem Erlös ihres Secondhandshops im vergangenen März überreichten die Jeunes Mamans vor Kurzem im Vereinshaus an sechs Hilfswerke. Präsidentin Sylvie Hames-Nosbusch bedankte sich bei allen, die der Vereinigung gut erhaltene Kleider, Spielsachen und Bücher zur Verfügung gestellt hatten, um diese für den guten Zweck zu verkaufen sowie bei der Spielermannschaft 5xBeringen für die Organisation der Kaffeestube.

Ein Scheck von 3 000 Euro ging an Marie-Anne Werner und Mady Abens zugunsten von Guiden a Scouten fir ENG WELT. Für De Leederwon nahmen Präsident Peter Aendekerk und Monique Back ebenfalls 3 000 Euro in Empfang. Die gleiche Summe wurde Andamos, vertreten durch Luc und Carmen Azzeri, übergeben. Malou Schaul und Carlo Maller bedankten sich für 3 500 Euro zugunsten der Amicale internationale d'aide à l'enfance (AIAE). Weitere 4 350 Euro – die den Erlös von 350 Euro aus dem Verkauf von Popcorn beim Fastnachtsball beinhalteten – wurden an Josiane Weiler und Andrée Weis zugunsten der Fondation Kriibskrank Kanner verteilt. Über 2 000 Euro freuten sich Camille Schroeder und Lucien Kass im Namen der Œuvres paroissiales.

Für ihren freiwilligen Einsatz wurden der Spielermannschaft 5 x Beringen 500 Euro zur Verfügung gestellt. Im Rahmen des Télévie-Tages in Mersch war bereits ein Scheck von 6 000 Euro übergeben worden. Sämtliche Scheckempfänger bedankten sich für die großzügigen Spenden und erklärten die Projekte und Ziele ihrer jeweiligen Vereinigungen.

Der nächste Secondhandshop der Jeunes Mamans findet vom 10. bis 12. Oktober erneut in Beringen statt. Die Kleidersammlung ist zwischen dem 30. September und 1. Oktober, jeweils von 13.45 bis 16 Uhr, im Merscher Vereinshaus vorgesehen. *CR*

# Frëndschaft iwwert d'Grenzen eraus

## D'Mierscher Musek op Besuch bei hire Frënn vu Forbach



*Beim gemeinsame Concert am Schwarzwald stoungen iwwer 100 Musikanten op der Bühn.*

**Miersch.** Scho säit bal 10 Joer verbënnt eng ganz déif Frëndschaft d'Museke vu Miersch a vu Forbach am Schwarzwald.

Duerfir hunn et sech eng 55 Mierscher Musikanten net huele gelooss, fir hir Frënn kierzlech fir ee Weekend besichen ze goen. No engem gemittlechen Trëppeltour, konnte si bei Kaffee und Kuchen déi schéin Aussiicht op Forbach genéissen. Owes hu béid Museken dunn hiert Kënnen zum Beschte ginn, woubäi zum Schluss iwwert 100 Musikanten op der Bühn stounge fir dem Forbacher Publikum nach puer gemeinsam Zugaben ze spillen, wéi z. B. „Friends for Life“. Sonndesmoies stoung dunn nach eng ganz interessant Visite vun der Schwarzenbach Talsperre um Programm, ier et no engem gemeinsamen Iessen erëm zréck op Lëtzebuerg gaang ass. Et war ee kuerzen an intensiven, mä gelongene Besuch bei Frënn.

*Mierscher Musek via mywort.lu*

## Don vu Voices International fir Een Häerz fir kriibskrank Kanner





**Beiwen/Atert .** D'Asbl Een Häerz fir kriibskrank Kanner huet der Chorale Voices International ee grousse Merci gesot fir en Don vun 1 000 Euro, deen de Chouer der Vereenegung am Kader vun der Generalprouf fir hiren Concert „Flow of Music“ iwwerreecht hunn.

*Martine Witz via mywort.lu*

# Eng onméiglech Situatioun

## D'FOFA fillt sech vun der Gemeng am Stach gelooss



*Déi zwou Museke blécken an eng ongewëss Zukunft.*

**Lëtzebuerg.** Et war eng schwiereg Generalversammlung vun der Clausener an der Neiduerf-Weimeschhaffer Musek wéinst Infrastrukturproblemer. Vun der Gemeng huet ee sech am Plang gelooss gefillt.

De President Marc Angel huet de Problem mat der Gemeng mat engem Historique erkläert. Fir eng nei Schoul fir d'Faubourgen a Clausen ze bauen, huet de Lieschsall mat Ëmgeréits missen ofgerappt ginn. Well de Lieschsall och nach Prouf- a Concertsall vun der Clausener Musek war, gouf säitens der Gemeng no engem neie provisoresche Proufsall gesicht an um Weimeschhaff fonnt. Mëttlerweil ass déi nei Schoul a Clausen färdeg, an op Nofro, wéi et mam neie Proufsall ass, krut d'Musek déi lapidar Äntwert. „Oh, dat hu mer vergiess“. Am Provisorium reent et an der Zwëschenzäit eran, d'Heizung fällt ëmmer nees aus an et mëffelt. Eng normal Prouf an och soss Aktivitéite si schwiereg.

An elo fuerdert och nach eng Damm am Numm vum Syndicat, dass d'Autoe mussen aus dem Haff, a mëssbraucht hire Beruff als Reporter, fir Kuederstëmmung bei der Gemeng ze maachen. Eng Entrevue mat der Buergermeeschtesch ass vun de Museken ugefrot. D'lescht Joer am Juli war op der Plaz mat der Buergermeeschtesch Lydie Polfer eng Visite des lieux, an d'Musek krut an alle Punkte Satisfaktioun: Mee geschitt ass bis elo näischt. Elo krut d'Musek vun der Gemeng nach e Bréif, ënnerschriwwe vun der Buergermeeschtesch, wou dra steet, dass an Zukunft net méi am Haff däerf geparkt ginn. Et ass eng existenziell Situatioun fir d'lokal Museken entstanen, wou een eigentlech gemengt hat, et kënnt ee mat 57 Schüler berouegt an d'Zukunft kucken. De Philipp Lee huet dono den Aktivitéitsbericht virgedroen an och op déi kommend Aktivitéiten higewisen. De Keessier André Heinen konnt en equilibréierte Bilan virstellen, deen duerch de Keesserevisor Claude Hornick bestätegt gouf. Als neie Keesserevisseur koum de Guy Grosber nach bäi. Fir de Comité huet de Pierre Haag seng Kandidatur net méi gestallt, steet awer nach als Archivar zur Verfügung.

Am Numm vun der UGDA huet de Gilbert Guirsch de Museke Merci gesot fir hire kulturellen Asaz an och Verdéngstmedaillen iwwerreecht. Schockéiert war den Emile Hermes, Sekretär vun der USMVL, dem Daachverband vun de Stater Museken, iwwert déi onméiglech Situatioun um Weimeschaff. Den Dirigent, Ansis Nikolovskis, huet d'Musikante fir hiren Asaz geluewt. De Chef huet och nach eng Kéier op déi onméiglech Situatioun um Weimeschhaff higewisen, wou och Instrumenter fir d'Schüler an Ersatzinstrumenter bschiedegt ginn.

*Claude Hornick via mywort.lu*

■ **www.fofa.lu**

**Im Rahmen des Nationalfeiertages stellen Gemeinden und Vereine traditionell Ehrenamtliche in den Mittelpunkt, die sich das ganze Jahr über für die Allgemeinheit einsetzen.**

**Laden Sie Ihre Berichte mit Foto von solchen Ehrungen unter www.mywort.lu hoch. Wir veröffentlichen diese dann auf Extraseiten in „mywort – Die Zeitung in der Zeitung“.**



mywort by Luxemburger Wort